PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'Impfcampagne géint de Covid-19 kënnt virun an eng ganz Rei Persounen hu schonn eng éischt, wann net souguer schonns eng zweet, Impfung erhalen. Déi meescht Leit verdroen hier Impfung ganz gutt a leiden net ënner schlëmmen Niewewierkungen. An eenzele Fäll kënnt et awer fir, dass eng Persoun en Impfstoff net gutt verdréit an et dofir medezinesch net vertrietbar wär, dës Persoun eng zweete Kéier mam selwechte Vaccin ze impfen. An esou Fäll kéint e sougenannten "Mix and Match" envisagéiert ginn, wou ee fir déi zweet Impfung en anere Vaccin verwent ewéi fir déi éischt. Bis elo war Lëtzebuerg hei awer zeréckhalend a wollt e Mix-and-Match-Impfschema net uwenden, esoulaang d'EMA heizou net kloer Positioun bezunn huet.
Säit kuerzem sollen d'Dokteren elo awer d'Méiglechkeet hunn, fir hier Patienten e Formulaire auszefëllen, wou si d'Niewewierkungen, déi opgetaucht sinn, notéieren, an de Patient fir eng Impfung mat engem anere Vaccin umellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, dass Mix-and-Match-Impfschema elo zu Lëtzebuerg erlaabt sinn?
2. Ass et richteg, dass Doktoren hier Patienten elo fir e Mix-and-Match-Impfschema umelle kënnen?
3. Ass eng Persoun, déi mat zwee verschiddene Vaccinë geimpft gouf, gläichgestallt mat enger Persoun, déi zweemol dee selwechte Vaccin kritt huet, wat de Covid-Check ugeet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député